

Lëtzebuerg, den 21/01/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3189 vum 23te November 2020 hat de Minister
fir Mobilitéit erkläert, dass den Zuchbegleeder keng Sanktiounen am Zesammenhang mat
der Maskepflicht däerf ausschwätzen.

De Facto kann den Zuchbegleeder näischt aneres maachen, wéi e Passagéier aus engem
Zuch ze verweisen oder d'Police oder d'Douane ze ruffen, wa Passagéier sech net un
d'Reegelen u Bord vum Zuch halen.

Dëst mécht d'Aarbecht vum Zuchbegleeder, dee fir d'Sécherheet am Zuch suerge muss,
immens méihsam an ineffektiv a verschidde Passagéier huelen d'Autoritéit vun den
Zuchbegleeder dofir nach manner eescht. D'Konsequenz dovunner ass, dass Leit, déi sech
weigeren eng Mask am Zuch unzedoen, ouni d'Präsens vun aneren Autoritéiten net kënnen
dozou gezwonge ginn.

Wéi de Minister a senger Äntwert geschriwwen hat, waren d'Police an d'Douane bis zu deem
Zäitpunkt u ronn 4 Deeg a 34 Zich ënnerwee, wat statistesch gesinn zimmlech wéineg ass,
wann een et mam Fait vergläicht, dass ee Joer 365 Deeg huet an zu Lëtzebuerg eng honnert
Zuchfaarte pro Dag organiséiert ginn.

D'Verbreedung vum Virus sollt och am ëffentlechen Transport op ee Maximum reduzéiert
ginn an et wär aus dësem Grond sënnavoll, datt d'Zuchbegleeder méi effikass dofir suerge
kéinten, datt déi sanitär Reegelen am Zuch agehale ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Meldungen oder Rapporte wéinst "*non-respect du port de masque*" sinn der
CFL-Direktioun vun den Zuchbegleeder a Buschaufferen zënter dem Ufank vun dëser
Pandemie, zoukomm? Wat gouf dorops hin ënnerholl ?
2. Wat kënnen d'CFL oder de Minister besser maachen, fir dass d'Droe vun der Mask an

déi aner sanitär Reegelen am ëffentlechen Transport besser agehale ginn?

3. Wär et fir de Minister sënnavoll, dass een d'Droe vun der Mask schonns op de Garen a Quai'en kontrolléieren a sanktionéiere géif?
4. Wäert d'CFL de Passagéier am Zuch oder Bus, déi keng Mask unhunn, chirurgesch Masken, géint Bezuelung oder gratis, zur Verfügung stellen?
5. An der Äntwert op d'Fro n°1755 vum 22te Januar virun engem Joer hat de Minister vun engem neie groussherzogleche Reglement geschwat, deem d'Sécherheet am ëffentlechen Transport nei organiséiere soll an déi al Reglementstexter sollen abrogéiert. Op Legilux sinn dës modifizéiert groussherzoglech Reglementer awer nach ëmmer a Kraaft. Wou ass de vum Minister ugekënnegte RGD drun?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

